

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

« D'Oflenkung duerch den Handy gehéiert nieft ze héijer Vitesse an Alkohol um Steier ëmmer méi zu den Haaptursaache fir Accidenter am Stroosseverkéier. Gläichzäiteg ass et hautdesdaags duerch déi technologesch Méiglechkeete relativ einfach de Respekt vum Code de la route an där Hisiicht ze kontrolléieren a Verstéiss ze sanktionéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:

- Bei wéi villen Accidenter war an de leschte fënnef Joer d'Oflenkung duerch den Handy am Spill ?*
- Wéi vill Protokoller huet d'Police an de leschte fënnef Joer geschriwwen, well de Chauffeur während dem Fueren den Handy benotzt huet ?*
- Sinn déi Häre Minister der Meenung, dass d'Oflenkung duerch den Handy ëmmer méi eng Gefor am Stroosseverkéier duerstellt ? Wa jo, si méi staark Policekontrollen an där Hisiicht virgesinn ?*
- Ass geplangt, der Police d'Méiglechkeet ze ginn, per mobillem oder fixem Handysradar méi staark géint dës Infraktioun virzegoen ? Wat géif dergéint schwätzen ?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wa jo, kënnen déi Häre Ministere Präzisiounen zu den neien Handysradare ginn, z.B. wou se hikéimen ?*
- *Ass virgesinn, d'Police wéi a Spuenie mat Dronen z'equipéieren, fir dës an aner Infraktiounen ze kontrolléieren ?*
- *Wier et méiglech, mat de fixe Radaren, déi schonn installéiert sinn, ze kontrolléieren, ob Chaufferen den Handy um Steier benotzen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten